Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3479 vum 19. Januar 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fred KEUP iwwert d'"volontaires de guerre luxembourgeois"

Et ass historesch erwisen, datt Lëtzebuerger souwuel op Säite vum Poopst wéi och op Säite vum Garibaldi gekämpft hunn.

D'Regierung huet keng exhaustiv Lëscht aus där ervirgeet a wéi enge Kricher Lëtzebuerger gekämpft hunn a wéi vill dat der *le cas échéant* waren. Ass dëst fir d'19. Joerhonnert ganz schwéier nozevollzéien, sou ginn et och bis an de zweete Weltkrich inklusiv just gréisstendeels Schätzungen an de respektive wëssenschaftleche Publikatiounen.